N°3988
Entrée le 22.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vum Här Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes op d'parlamentaresch Fro n° 3988 vum 24. Abrëll 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Certificats de maladie dans le secteur communal et la fonction publique".**

**1. Gëllt de Weekend am Gemengebeamtestatut als „jour ouvré"?**

E „Jour ouvré" ass en Dag un dem en Agent effektiv geschafft huet oder misst schaffen, egal ob dat an der Woch oder de Week-End ass. Wëll de Service vum TICE och iwwer de Wee-Eend funktionéiert kann de Week-End och jee no Aarbechtsplang vun engem Agent zu de „Jours ouvrés" gehéieren.

D'Definitioun vum „Jour ouvré" huet awer kee Bezuch zur Fro, déi den Deputéierten opwerft, nämlech ob en Agent, den Donneschdes a Freides krank gemellt ass, an dann och de Méindeg dono krankheetsbedéngt net ka schaffe goen, muss e Krankeschäin presentéieren.

Den Artikel 16 vum ëmgeännerte Congésreglement vun de Gemengebeamte vum 21. Oktober 1987 gesäit fir dass e Beamte muss e Krankeschäin virléen fir all Aarbechtsonfäegkeet, déi 3 Deeg depasséiert. Am uewenugefouerte Fall erkläert den honorabelen Deputéierten dass dee concernéierte Beamte vun Donneschdes u krank war, a säi Gesondheetszoustand och Méindes him nach net erlaabt huet nees schaffen ze goen, sou dass een muss unhuelen, dass den Agent och iwwert de Week-End krank war. Deemno hat déi betreffend Persoun eng Aarbechtsonfäegkeet vu 5 Deeg, onofhängeg dovun ob si huet missen de Weekend schaffen oder net.

An dësem Fall muss de Beamten also op Basis vum Artikel 16 fir d'Krankmeldung vu Méindes e Krankeschäi präsentéieren.

**2. Gëllt, am Fall vu Schichtaarbecht, een Dag, un deem den Agent net ageplangt ass, fir ze schaffen (z. B. Roudeeg), als „jour ouvré"?**

Ech verweisen op d'Äntwert op déi éischt Fro.

**3. Bezitt sech de Begrëff vum "jour ouvré" ausschliisslech op effektiv geplangten Aarbechtsdeeg?**

Ech verweisen op d'Äntwert op déi éischt Fro.

**4. Op wéi enger rechtlecher Basis kënnen Deeg, déi weder geplangten Aarbechtsdeeg sinn nach explizit krank gemellt goufen, als Fortsetzung vun enger Krankheetsperiod ugesi ginn?**

Ech verweisen op d'Äntwert op déi éischt Fro, leschten Abschnitt.

**5. Ass et konform mam Statut vum Beamte souwéi Gemengebeamten, dass Deeg ouni geplangten Déngscht (Roudeeg) als Deel vun enger Krankheetsperiod consideréiert ginn?**

Wat de Staatsbeamtestatut betrëfft, ass ervirzehiewen, dass déi Notioun vu „jour ouvré“ net déi Situatioun betrëfft, déi an der aktueller parlamentarescher Fro ernimmt gëtt, mee déi Situatioun, wou et ëm eng Verlängerung vun engem Krankeschäin geet.

D'Situatioun, déi an der aktueller Fro beschriwwe gëtt, ass am Staatsbeamtestatut am Artikel 28-3, Alinea 2, gereegelt. Deen Text seet: „Ce congé [also de Congé pour raisons de santé] est accordé sans production d'un certificat médical pour une période de trois jours de service consécutifs au plus."

Déi Notioun vun „trois jours <u>de service</u> consécutifs" bedeit, dass just d'Schaffdeeg gezielt ginn. Déi Deeg, wou eng Persoun net schafft ginn also net gezielt. Dat ass meeschtens de Weekend. Bei enger Persoun, déi deelzäit schafft an zum Beispill Mëttwochs ni schafft, zielt de Mëttwoch och net.

Wat d'Gemengepersonal ugeet verweisen ech op d'Äntwert op déi éischt Fro, leschten Abschnitt. Den Ënnerscheed par Rapport zur Situaitoun vu Staatsbeamten kënnt dohir dass den Artikel vum Congésreglement vun de Gemengebeamte vum 21. Oktober 1987 net vun „trois jours <u>de service</u> consécutifs" schwätzt mee vun « incapacité de travail dépassant trois jours », sou dass och Deeg wou en Agent net schafft matgezielt ginn.

Den Inneministère wäert de betreffenden Text dem vum Staat upassen.

Lëtzebuerg, den 21. Mee 2026
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden